Appel à candidature
DS natation

COSL - Olympiadag

Schwammspiller C1 - C4

Réunions de la CTS du 14 janvier, du 26 janvier et du 23 février 2015

Réunion du Comité Central du 2 mars 2015



# LASEP

## Ecole fondamentale



# BIO 7

2014 - 2015



**paraît 10 fois par année scolaire**
imprimé par nos soins


**L A S E P**
**3, route d'Arlon**
**L-8009 Strassen**

**Tél.: 48 55 70**
**Gsm: 691 48 54 47**
**ou 691 48 55 70**

**Fax: 48 54 47**
**Email: info@lasep.lu**
**www.lasep.lu**

# Calendrier sportif 2014 - 2015

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mardi | 24.3. | Promotion régionale Balle à Mersch | C1+C2 |
| Jeudi | 26.3. | Promotion régionale Balle à Esch/Lallange | C1 - C4 |
| Mardi | 31.3. | Promotion régionale Balle à Waldbillig | C1+C2 |
| Jeudi | 2.4. | Promotion régionale Balle à Préizerdaul | C3+C4 |
| | | *Vacances de Pâques* | |
| <u>3e trimestre</u> | | | |
| Jeudi | 23.4. | Schwammspiller à Mondercange | C1+C2 |
| Mardi | 28.4. | Schwammspiller à Walferdange | C1+C2 |
| Jeudi | 30.4. | Schwammspiller à Walferdange | C3+C4 |
| **Mardi** | **5.5.** | **Schwammspiller à Soleuvre** | **C1 - C4*** |
| Mardi | 19.5. | Promotion régionale motricité «Fit mam Sporty» | C1+C2 |
| Jeudi | 21.5. | Promotion régionale motricité «Fit mam Sporty» | C1+C2 |
| | | *Congé de la Pentecôte* | |
| Jeudi | 4.6. | Zumba® an der Coque C1 - C4 (Zumba® + ateliers divers) | |
| Mardi | 16.6. | Promotion régionale motricité «move your body» | C3+C4 |
| Jeudi | 18.6. | Promotion régionale motricité «move your body» | C3+C4 |
| | | Journée des Dirigeants | |




***date supplémentaire**

# Appel à candidature et avis aux amateurs

Le Comité Central est à la recherche d'une candidature à un poste non occupé à la Commission technique et sportive.

poste à occuper: **Directeur sportif de natation**
**(membre du corps enseignant)**

**Veuillez vous adresser au secrétariat général dans les meilleurs délais**



# Olympiadag vum COSL
# Freideg, de 26. Juni 2015

Suite au grand succès de la Journée Olympique de l'année 2014 au Stade Boy Konen, le COSL en collaboration avec la LASEP invite les classes du **cycle 4.1** au Rallye Olympique qui aura lieu au

**Stade Boy Konen à Cessange**
le vendredi, **26 juin** 2015 de **10 à 16** heures.

## Le programme de la journée:

**9.30** accueil des classes

**10.00** début du premier atelier sportif

**12.00 - 14.00** déjeuner

**16.00** fin de la manifestation et retour des classes

Les enfants sont encadrés pendant toute la journée. Veuillez prévoir deux personnes accompagnatrices par classe.

**Le nombre des classes est limité à 18!**
(maximum des enfants à encadrer: 300)

Intéressé? **Veuillez vous inscrire avant le 2 avril 2015 au plus tard à une des adresses email suivantes:**

**nfelten@cosl.lu** **(Nathalie Felten)**

**gmehlinger @cosl.lu** **(Gilles Mehlinger)**

Pour toute question supplémentaire
**gsm 691 48 55 70**
**Nicole Kuhn - Di Centa (LASEP)**

















# Schwammspiller pour cycles 1 à 4

Familiarisation à l'eau, relaxation, équilibre du corps, synchronisation, régularité respiratoire et **jeux aquatiques à**

**- Mondercange, le jeudi 23 avril 2015 pour C1 et C2**
**de 14.00 à 14.45 hrs (rdv aux vestiaires à 13.45 hrs)**
**et de 15.00 à 15.45 hrs (rdv aux vestiaires à 14.45 hrs)**

**2 séances de 45 minutes pour 30 enfants au maximum par séance**



**- Walferdange, le mardi 28 avril 2015 pour C1 et C2**
**de 14.15 à 15.00 hrs (rdv aux vestiaires à 14.00 hrs)**
**et de 15.30 à 16.15 hrs (rdv aux vestiaires à 15.15 hrs)**

**2 séances de 45 minutes pour 20 enfants au maximum par séance**

**- Walferdange, le jeudi 30 avril 2015 pour C3 et C4**
**de 14.15 à 15.15 hrs (rdv aux vestiaires à 14.00 hrs)**
**et de 15.45 à 16.45 hrs (rdv aux vestiaires à 15.30 hrs)**

**2 séances de 60 minutes pour 45 enfants au maximum par séance**



**- Soleuvre, le mardi 5 mai 2015 pour C1 - C2**
**de 14.15 à 15.00 hrs (rdv aux vestiaires à 14.00 hrs)**

**1 séance de 45 minutes pour 20 enfants au maximum**

**- Soleuvre, le mardi 5 mai 2015 pour C3 - C4**
**et de 15.45 à 16.45 hrs (rdv aux vestiaires à 15.30 hrs)**

**1 séance de 60 minutes pour 40 enfants au maximum**


**Attention! Veuillez mettre des vêtements adéquats!**
**Dirigeants: short et t-shirt**
**Enfants: bonnet et maillot de bain (pas de short pour les enfants)**

# Inscription

***Les inscriptions sont à renvoyer pour le 2 avril 2015 au plus tard à l'adresse email inscriptions@lasep.lu en indiquant:***

- ***le nom de l'Association sportive***
- ***le nom du dirigeant responsable***
- ***son numéro de téléphone et son adresse électronique***
- ***le nombre d'enfants de chaque cycle***
- ***le lieu, la date et l'heure préférés***





# Rapport de la réunion de la CTS de la LASEP du mercredi, 14 janvier 2015 à Strassen

Et waren do: Boever Pierre, Grethen Michèle, Krier Benoît, Schaack Roland, Senninger Astrid, Senninger René, Serrig Jhang, Sinner Jean-Paul, Treis Guy

Entschëllegt: Gierenz Steve, Jung Alain, Marteling Maryse, Stein Léa, Wesquet Stéphanie

An och: Heinen Simone (présidente), Jander Tom (secrétariat général), Kuhn Nicole (secrétariat général), Kimmel Steve (secrétariat général)

1. De **Rapport** vun der leschter Versammlung den 2.12.2014 gëtt nach publizéiert.
2. De **Sekretariat** huet keng Informatiounen fir d'CTS.
3. De Jhang iwwerléist dem Roland de Feedback vun de **Fussballfester** (11.12./16.12./13.1.). Besonnesch d' Begeeschterung an d' Fortschrëtter bei de Meedercher sinn opgefall. Merci der FLF fir d' Medaillen an d' Coupen.
4. Mär beschwätzen läscht Detailer bei **Freed mat Liichtathletik** (20.1./27.1.) an der Coque wou nach eng hallef Dosen Leit feelen fir d' Atelier'en anstänneg ze besetzen. En Opruff geet un all Memberen fir weider Dirigent'en an Anciens ze fannen déi sech wëllen Zäit huelen fir ze hëllefen. An deem Kontext gëtt bemierkt dat mär mat eisen disponiblen Leit vun CC an CTS gréisser Nomëtteger net kënnen alleng bewältegen.
5. De Pierre stellt säin **Basketballfest** (12.2.) zu Monnerech an den Organigramm vir. Den CC besteet op eng paritéitesch Besetzung vun deem Fest tëschent CC an CTS. De Pier zielt och vun engem Kontakt mam Hermann Paar vun der FLBB: si wëllen sech aktiv an der LASEP abréngen.
6. No de Reuniounen, wou d' Sekretären vun den AS gefrot gi sinn wat ee kéint änneren an der LASEP, huet den CC decidéiert e **neit Sportskonzept** opzestellen wou den Haaptpunkt deen ass, dat an Zukunft nëmmen nach 1/3 Fester mat Klassement an awer 2/3 Promotiounen wäerten stattfannen. D' Zil ass et och fir nach méi Kanner op eis Nomëtteger ze kréien an eisen Budget beschtméiglech fir méiglechst all Kanner aus der LASEP ze notzen. No de Reuniounen an eisem Groupe Innovation mat Memberen aus dem CC, der CTS a vun der ENEPS huet eisen Sekretär am Optrag vun der Presidentin e **Kalenner** fir de Rescht vum Schouljoer a fir déi nächst 2 Schouljoeren ausgeschafft. Hien stellt déi nei Sportsaktivitéiten vir a mär beschwätzen si a versichen erauszefannen wat sech konkret um Terrain wäert änneren. Eng méiglech Konsequenz schéngt ze sinn dat an Zukunft Dirigenten net nëmmen op hir Kanner mussen uecht ginn, mee och méi oft aktiv bei den Atelier'en mussen hëllefen. Et ginn nämlech an Zukunft méi oft wesentlech méi Leit op den Nomëttger gebraucht wéi vun CTS an CC disponibel sinn.

Déi **nächst Versammlung vun der CTS** gëtt festgeluecht op de **Méinden 26. Januar 2014** um 18.30 Auer an der Maison des Sports zu Stroossen.

Roland Schaack

# Rapport de la réunion de la CTS de la LASEP du lundi, 26 janvier 2015 à Strassen

Et waren do: Boever Pierre, Gierenz Steve, Marteling Maryse, Schaack Roland, Senninger Astrid, Senninger René, Serrig Jhang, Sinner Jean-Paul,

Entschëllegt: Grethen Michèle, Jung Alain, Krier Benoît, Stein Léa, Wesquet Stéphanie

An och: Heinen Simone (présidente), Jander Tom (secrétariat général), Kuhn Nicole (secrétariat général)

0. De Roland bedauert d' **Demissioun** vun eisem laangjäregen Member an Directeur sportif vum Schwammen, dem **Guy Treis**. De Guy ass lo nom Jeff Elcheroth a kuerzer Zäit schonn den zweeten Member deen net méi wëll weidermaachen. Dem Guy villmools merci fir säin Asaz a seng Disponibilitéit an all deenen Joeren.
1. De **Rapport** vun der leschter Versammlung den 14.1.2015 gëtt beschwat. De Sekretär wëll e puer Formuléierungen nuancéieren an de René bemierkt dat mär och iwwer d'Resultater vum Cross zu Ettelbréck geschwat haten, déi leider net op den Internetsite koumen. Mär stellen nach eng Kéier fest, dat lo e Klassement vun all Katgeorie do ass a stëmmen ouni Géigenstëmm of dat mär fannen eis Kanner an Dirigenten sollen déi Klassementer op eisem Site kënnen noliesen.
2. De **Sekretariat** huet keng Informatiounen fir d'CTS. Op Nofro hin kréien mär confirméiert dat schon eng Rei Kandidaten hir Stonn gehalen hunn fir LASEP-Dirigent ze ginn. Mär fannen dat d'CTS do mat involvéiert soll sinn well et do och ëm de sportlechen Deel vun der LASEP geet a verlaangen dat mär, sou wéi versprach, iwwer déi Stonnen informéiert ginn an an Zukunft e Vertrieder vun der CTS dohin delegéieren. Dat gëtt vum Sekretariat zougesot.
3. D' Michèle, de Jean-Paul an de Roland hunn sech ëm d' **Freed mat Liichtathletik** (20.1./27.1.) an der Coque gekëmmert. Mär sinn net frou mat der aktueller Definitioun vun den Equipes mixtes a wëllen eis Reglementer sou änneren dat an Zukunft bei Equipes mixtes méi Flexibilitéit ass an och reng Jongen- oder Meedchersekippen am Klassement virkommen. Méi Inklusioun a manner Exklusioun. Och sollen bei enger Scolaire-Ekipp majoritär Scolairen zum Asaz

kommen: d’ Ekippen kënnen opgefëllt ginn mat méi Klengen, sollen awer net nëmmen aus méi Klengen bestoen well déi eenzel Nomëttger jo ëmmer op eng gewëssen Alterskategorie zougeschnidden sinn. 48 Inscriptiounen bei 36 disponiblen Plazen fir Scolaires Meedercher an Débutants mixtes sinn e groussen Erfolleg, bedeiten awer leider och dat net all Ekipp konnt deelhuelen.

4. De Pierre stellt d’ **Basketballfest** (12.2.) zu Monnerch vir. D’ Jongen an d’ Meedercher spillen hiren Tournoi an den Hermann Paar vun der FLBB ass mat engem Informatiounsstand präsent. An deem Zesummenhang si mär och frou eng Formatioun fir eis Dirigenten kënnen unzekënnegen mat der FLBB an der FIBA an der Coque den 13.6.2015.

5. D’ Astrid stellt d’ **Dëschtennisfest** (3.3.) zu Miersch vir. D’ Kanner spillen a 4 Kategorien no deem selwechten Prinzip wéi d’ lescht Joer wat garantéiert dat déi disponibel Dëscher maximal ausgenotzt ginn. D’ Gewënner sinn zum Schluss déi Kanner mat de meeschten Victoiren.

6. Mär sichen déi disponibel Leit fir de groussen **Butzendag** (10.3.) an der Coque an d’ Léa komplettéiert den Organigramm fir eisen Butzen e flotten Bewegungsnomëtteg ze bidden.

7. Mär schwätzen iwwer eis nei **Promotion régionale Balle** (24.3./26.3./31.3./2.4.) wou d’ Halen regional ausgesicht ginn fir Cycles 1 an 2 an och fir Cycles 3 an 4. D’ Kanner wäerten 90 Minuten op 4 oder 6 Atelier’en aktiv sinn.



8. De Jhemp mellt sech als **Responsablen** vun der Promotion Balle an de Steve bei de Schwammspiller. Fir d’ Promotion Mobilité gëtt nach e Responsablen gesicht.

9. Am **Divers** froen mär no wéi de Stand bei eiser DVD ass an de Sekretariat këmmert sech ëm déi lescht administrativ Detailer. De Jhang freet no, fir am Juni säin traditionellt Fussballfest ze organiséieren, well vill Kanner an Dirigenten dat gefrot hunn. Mär sinn eis eens dat mär dat eng gutt Iddi fannen.

Déi **nächst Versammlung vun der CTS** gëtt festgeluecht op de **Méinden 23. Februar 2015** um 18.30 Auer an der Maison des Sports zu Stroossen.

Roland Schaack



# Rapport de la réunion de la CTS de la LASEP du lundi, 23 février 2015 à Strassen

Et waren do: Boever Pierre, Gierenz Steve, Marteling Maryse, Schaack Roland, Senninger Astrid, Senninger René, Serrig Jhang, Sinner Jean-Paul, Stein Léa, Wesquet Stéphanie

Entschëllegt: Grethen Michèle, Jung Alain, Krier Benoît

An och: Jander Tom (secrétariat général), Kuhn Nicole (secrétariat général)

1. De **Rapport vun der leschter Versammlung** de 26.1.2015 gëtt beschwat.
2. Mär sinn um **Spillfest vum COSL** präsent mat 2 Atelier'en, fir déi Kleng (cycle 1 a 2) a fir déi Grouss (cycle 3 a 4) an engem Informatiounsstand. Den Tom kuckt op mär kënnen eng aner Plaz respektiv méi grouss Plaz zougewisen kréien.
3. D'Organisateuren weisen sech am groussen ganzen zefridden mat der **Freed mat Liichtathletik** (20.1./27.1.). Mär iwwerleeën wéi mär fir eng nächst Editioun d'Opdeelung sou kënnen gestalten dat déi disponibel Plazen maximal kënnen ausgenotzt ginn an déi eenzel AS'en och nëmmen emol mam Bus erausfueren. D'Reglement gëtt sou geännert dat mär net méi vun Equipes mixtes schwätzen.
4. De Pier seet jidderengem e grousse Merci dee beim **Basketballfest** (12.2.) aktiv gehollef huet. 120 Kanner a 16 Ekippen aus 10 AS waren präsent an dobäi hu nach déi aus dem Éislek gefeelt déi um Fettendonneschden heeschen goungen. D'Kollaboratioun mat der FLBB gëtt positiv ervirgehuewen an den RTL huet e flotten Reportage gewisen.
5. D'Astrid stellt eis d'**Dëschtennisfest** (3.3.) zu Miersch vir. Déi Formule vum leschten Joer huet sech bewäert well d'Kanner sou e Maximum un den Dëscher kënnen spillen an d'Organisatioun méi iwwersiichtlech ass.
6. D'Léa stellt de **Butzendag (**10.3.) an der Coque vir a mär komplettéieren den Organigramm. Och Leit fir d'Opriichten an Ofriichten gi motivéiert.
7. De Jhemp stellt d'Organisatioun vun der regionaler **Ballpromotioun** (24.3./26.3./31.3./2.4.) vir a mär kucken déi eenzel Übungen a Spiller duerch.
8. D'**Basketfederatioun** kënnt an d'Schoulen hiren Sport virstellen an 3 Schoulen hunn sech bis elo ugemellt.




Déi **nächst Versammlung vun der CTS** gëtt festgeluecht op den Dënschden 17.3.2015 um 18.30 Auer an der Maison des Sports zu Stroossen.

Roland Schaack

# Rapport de la réunion du CC de la LASEP du lundi, 2 mars 2015 à Strassen

**Présences:** GIERENZ Steve, HEINEN Simone, JANDER Tom, KIMMEL Steve, KINTZELE-MAJERUS Simone, KUHN – DI CENTA Nicole, RATH Marcel, SCHAACK Roland, SENNINGER René, STOOS Carole.

**Excusé:** DELLES Lex, JUNG Alain, RESSLINGER Carole, WESQUET Stéphanie.

Cette réunion du Comité Central est précédée par la présentation de la 29e Fête de Tennis de table par Monsieur René SENNINGER, ainsi que du « Grousse Butzendag » an der Coque et des Promotions régionales Balle par Monsieur Roland SCHAACK.

**Communications du président**
Simone HEINEN souhaite la bienvenue à Monsieur Steve MARX de l'AS Esch, candidat au poste innovation déclaré vacant au Comité Central (cf. page 4 du BIO 2 2014-2015)

**Informations du secrétariat général**

- Tom JANDER informe des changements demandés quant à l'emplacement de l'atelier de la LASEP au COSL-Spillfest 2015.
- Nicole KUHN – DI CENTA informe de la bonne coopération entre équipe multiprofessionnelle et section LASEP à Differdange. Ce projet d'intégration sera dorénavant élargi aux sections LASEP de Dudelange et de Mondercange ceci en collaboration avec l'équipe multi-professionnelle de Dudelange.
- Les prévisions budgétaires pour l'année 2016 établies par la présidente de la CF sont parvenues au MENJE. Une augmentation des moyens financiers au profit de la LASEP est demandée en vue des projets innovatifs.
- La révision de caisse se fera prochainement à Strassen.



**Cooption d'un nouveau membre : poste innovation sportive**
Après une courte présentation le Comité Central décide de coopter de façon unanime Monsieur Steve MARX au poste innovation vacant, conformément à l'article 24 des statuts de la LASEP.

**Street Soccer 2015**
La manifestation du Balance Street Soccer 2015 aura lieu au Luxembourg le mardi 19 et mercredi 20 mai 2015. Suite à l'impossibilité de la participation de l'AS Sandweiler, l'AS Waldbillig pourra nominer une équipe d'enfants qui pourra participer à ce tournoi international, ceci sous réserve de l'accord de l'inspecteur EF de l'arrondissement.
D'ailleurs il est souligné que les critères de nomination à ce tournoi devront être fixés clairement à l'avenir, voire même introduits aux règlements de football LASEP. Les équipes concernées pourront être averties à chaque fois à la fin des tournois.

La LASEP participera aux frais de cette manifestation.

**Rapport de la réunion de la CTS du 26 janvier et du 23 février 2015**

Les réunions portaient principalement sur la démission de Monsieur Guy TREIS, la publication des résultats du Cross National 2014, les séances témoin de la formation initiale, les manifestations de Freed mat Liichtathletik, les fêtes de Basketball et de Tennis de table, le Butzendag an der Coque, l'organisation des activités de promotion prévues par le nouveau concept, l'établissement d'un organigramme provisoire au sein de la CTS et la demande de Monsieur Jhang SERRIG d'organiser la Fête de football en juin 2015.

**Rapport des réunions pour secrétaires**

L'objectif de ces réunions était de présenter les changements du nouveau calendrier avec les activités de promotions prévues et de donner l'occasion aux responsables des AS d'exprimer leur point de vue.

Le grand nombre de responsables présents à ces réunions est souligné avec grande satisfaction. Il est constaté que les AS ont différents modes de fonctionnement interne. La majorité des responsables se sont exprimés en faveur du nouveau concept. Il faut cependant respecter que les changements n'arrangent apparemment pas toutes les AS. Un bilan sera dressé après deux ans.

**Affaires de dernière minute**

Il est décidé de prendre contact avec Monsieur Théo Lamberts en vue de l'élaboration et de la rédaction du nouveau concept sportif innovatif de la LASEP.

La prochaine réunion du CC aura lieu le mercredi, 29 avril 2015 à 18.15 heures à la Maison des Sports à Strassen.

Tom Jander - Secrétaire général



Bio 7

# Les partenaires de la LASEP

ALL ABOUT PRINTING

GROUPE CK
CHARLES KIEFFER

2, rue Léon Laval Z.A. am Bann
L-3372 Leudelange
Tél. : 26 380-1
info@ck-online.lu
www.ck-online.lu

KONICA MINOLTA

PIDAL

Comité Olympique et
Sportif Luxembourgeois

lalux
ASSURANCES

voyages
emile weber
éischtklasseg reesen

**www.voyages-weber.lu**

CCPL de la LASEP: IBAN LU77 1111 0110 0847 0000